Lëtzebuerg, den 3 septembre 2020

Monsieur Fernand ETGEN
Chamberspresident
Lëtzebuerg

DEMOKRATESCH PARTEI
Chambre des Députés
Groupe Parlementaire

9, rue du St. Esprit
B.P. 510
L-2015 Luxembourg

Tel. : 22 41 84 1
Fax : 47 10 07

dp@dp.lu
www.dp.lu

Här President,

Esou ewéi den Artikel 83 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Ministesch fir Ëmwelt, Klima an nohalteg weiderzeleeden:

« Den Eichenprozessionsspinner verbreet sech ëmmer méi vun engem lokal begrenzten Opkommen zu enger landeswäiter Gefor fir déi ëffentlech Gesondheet.

An der Reegel gi bei der Bekämpfung vun dëse Raupe spezialiséiert Firmen agesat, déi dës op verschidde mechanesch Manéieren, wéi Verbrennen an Ofsuckelen, wechmaachen.

An Däitschland an an Holland ginn et allerdéngs villverspriechend Versich, bei deene Brutkäste fir Schiel- a Blomeesen an der onmëttelbarer Géigend vu befalene Beem opgehaange ginn. Vu dass dës Villercher déi natierlech Feinde vum Eichenprozessionsspinner sinn, ginn dës sou op natierlech Manéier eliminéiert.

Well dës Method méi Zäit brauch wéi eng mechanesch Eliminatioun, wier u sech dësen Hierscht de richtege Moment sou Brutkästen opzehänken, wa fir dat nächst Joer Resultater sollen erziilt ginn.

Virum Hannergrond, dass aktuell en nationalen Aktiounsplang zum Eichenprozessionsspinner an der Maach ass, wollt ech der Madamm Ministesch fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung folgend Froe stellen:

- *Sinn der Madamm Ministesch dës Versich bekannt ?*
- *Ginn et eventuell änlech Versich hei zu Lëtzebuerg ?*

- *Ass d'Madamm Ministesch der Meenung, dass déi beschriwwen Approche zu Lëtzebuerg flächendeckend agesat kéint ginn ?*

- *Ass virgesinn dës Method als Recommandatioun fir d'Gemengen an den Aktiounsplang opzehuelen ? »*

Mat déiwem Respekt,



Max HAHN
Député